N°8162
Entrée le 17.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 18.07.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/07/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

Säit dem 11ten Juli ass dat neit Dateschutzofkommes tëscht der EU an den USA a Kraaft. D'Ofkommes ersetzt den "Privacy Shield" Accord deen duerch Kloe bei der CJUE gekippt gi war. D'Dateschutz Organisatioun Noyb, déi fir d'Enn vum "Privacy Shield " verantwortlech war, huet awer och dat néit Ofkommes als Copie vun deem ale kritiséiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. A wéi enge Reunioune war den Accord am EU-Conseil oder dem Ministerrot Thema?
2. Ass Lëtzebuerg der Meenung, dass ënnert dem neien Ofkommes den Austausch an d'Späicherung op US-Serveren den europäeschen Dateschutzstandarden entspréicht?
3. Hat Lëtzebuerg Remarke par Rapport zum Text gemaach?
    - Wa jo, wéi eng?
    - Wa nee, hat Lëtzebuerg d'Méiglechkeet dëst ze maachen?
    - Sinn dës Remarken an de finalen Text agefloss oder net?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten